

# Fënnef Vir Zwou

LRSL

walferdange

# INFOBLAT

walfer BICHERDEEG

**Samsdeg, den 16. November 2019**

---

### D'Infoblat vum Lycée Robert-Schuman

De Lycée Robert-Schuman ass houfreg elo schonn den zweete Jubiläum mat de Walfer Bicherdeeg feieren ze dierfen. Säit den 20. Bicherdeeg sinn eis Schüler am Asaz fir Iech mat dësem Newsletter e klengen Iwwerbléck iwwer dat mat op de Wee ze ginn, wat Iech hei zu Walfer erwaart. Mir sinn elo also schonn déi 6. Kéier op de Bicherdeeg fir dëse Flyer ze produzéieren.

En Team vu Schüler aus dem LRSL vu 7eme bis 1ère, déi och eis immens erfollegräich Schülerzeitung „Fënnef vir Zwou" produzéieren, dokumentéiert mat dësem Flyer d'Eventer vun de Bicherdeeg. De Flyer ass vun Text bis Layout integral vu Schüler produzéiert, an eise Lycée ass stolz op eist Team, dat dëse Flyer a senger Fräizäit produzéiert.

Luc Wildanger
Responsabelen Enseignant
Lycée Robert-Schuman



ID 21453695 © Tomfrankland | Dreamstime.com

## 25 Joer Walfer Bicherdeeg: Mir feieren d'Buch

Eng lokal Bicherfoire grënnen, fir d'Lëtzebuerger Buch ze promovéieren. Déi Iddi haten de Lex Jacoby, de Pol Pütz an de Nic Weber, wéi se virun e bësse méi ewéi 25 Joer an hirem Stammlokal an der rue du 10 octobre zu Walfer ze schwätze souzen. Ewéi den Zoufall et wollt, nëmmen een Dësch vun den deemolege Responsabele vum Syndicat d'Initiative ewech. Déi waren direkt Feier a Flam vun där Iddi. Elo, 25 Joer méi spéit, sinn d'Walfer Bicherdeeg zu engem feste Rendezvous fir all Bicherfrënn ginn, an dat, wat mat e puer wéinege Stänn op engem Sonndeg am Joer 1994 ugefaangen huet, ass ausgewuess zu enger Bicherfoire mat 42 Verlager an 109 Verkeefer, déi aus der haiteger Lëtzebuerger Literaturzeen net méi fortzedenken ass.

Déi dräi Initiateure si mëttlerweil zwar leider net méi ënnert eis, ënnert der Organisatioun vun der Walfer Gemeng awer lieft d'Buch op de Walfer Bicherdeeg weider, a gëtt dëst Joer wéinst dem Jubiläum als Wëssensdréier gefeiert. Do dierfen natierlech och d'Gäscht net feelen, an déi kommen och: Speziellen Highlight dëst Joer war beispillsweis eng Liesung vum däitsche Bestsellerauteur Daniel Kehlmann („Die Vermessung der Welt"). Et weist wéi vill Unzéiungskraaft d'Bicherdeeg mëttlerweil hunn, wa souguer en Auteur vum Kaliber vum Daniel Kehlmann de Wee op Walfer fënnt.

25 Joer
16. 17. Nov. 2019

D'Buch ass och 25 Joer méi spéit lieweg, bei eis am Land villäicht esouguer esou lieweg ewéi nach ni. Lëtzebuerger Auteure publizéieren net just an den dräi Amts- an Nationalsproochen esouvill ewéi nach ni, mee donieft huet sech mat der "Black Fountain Press" och en engleschsproochege Verlag etabléiert. Et entsteet esouvill Literatur ewéi nach ni. D'Buch ass och an Zäite vun der Digitaliséierung ëmmer nach Wëssen- a Geschichtendréier a Vermëttler. Dofir feiere mir op de 25. Bicherdeeg och d'Buch.

Ëmmerhi war et de Buchdrock, dee viru Joerhonnerten de Mënschen erlaabt huet hiert Wëssen an hir Geschichten ze verbreeden. Wou wier d'Mënschheet ouni d'Buch? Wat wier eng Vakanz ouni e gutt Buch op der Plage? Och am Joer 2019 ass et fir vill Kanner dat Flottsten owes hir Kannergeschichten ze liesen, an dobäi déi flott Illustratiounen ze bestaunen, an och fir vill Erwuessener ass d'Liese vun engem Krimi de spannendste Moment vum Dag.

Dofir loosst eis all d'Buch feieren! Fir déi vill flott Geschichten, fir déi enorm Quantitéit u Wëssen, fir déi kënschtleresch Illustratiounen an fir déi vill Freed déi Bicher eis vermëttelen.

# Lëtzebuerger Buchpräis



Am Kader vun de Walfer Bicherdeeg ass Donneschdeg, de 14. November schonns fir déi 14. Kéier de Lëtzebuerger Buchpräis iwwerreecht ginn. Dëst wichtegt Evenement vun der Lëtzebuerger Literaturzeen huet och dëst Joer nees Vertrieder vu Press, Politik an natierlech der Lëtzebuerger Literatur op Walfer an d'Festzelt gelackelt, an och mir vum "Fënnef vir Zwou" waren um Buchpräis vertrueden.

D'Soirée huet ugefaange mat enger Ried vum President vum Verband vun de Lëtzebuerger Bicherediteuren, dem Ian De Toffoli. Hien huet iwwert déi gutt Vertriedung vun der Lëtzebuerger Literatur am Ausland geschwat an eng positiv Bilanz vum Lëtzebuerger Stand op der Frankfurter Buchmesse gezunn. Ëmmer méi Lëtzebuerger Wierker gi fir den däitschsproochege Raum iwwersat.

Déi nächst Ried war eng Hommage un de Robert Steffen, dem Grënner vum Verlag "Op Der Lay", deen an d'Pensioun gaangen ass, gehale vum Germaine Goetzinger.

Virugaangen ass et dann awer mat der eigentlecher Iwwerreechung vum Buchpräis.



De Jury huet sech dëst Joer aus dem Claude Kremer (CNL), dem Claire Leydenbach (Autorin), dem Jaques Welter (Grafiker), dem Michel Delage (Journalist, Radio 100,7), an dem Angelika Bräutigam (Mierscher Lieshaus) zesummegesat.

Gestart ginn ass mat der Kategorie vum Sachbuch a Beau-Livre. Déi 5 Nominéiert, déi an der Shortlist vum Jury zeréckbehale gi sinn, waren an dëser Kategorie:

- Anthologie: Mit den Haien streiten, capybarabooks
- Yves De Smet: Victor Hugo à Vianden, Editions Phi
- Rom Helbach/Gaston Zangerlé: Dizzy on the road, Revue
- Nathalie Meier-Hottua: Paleo, Editions Schortgen
- Jean-Paul Meyer:Charly Schmalspurbahn Lux-Echternach, Editions Klopp

An dëser Kathegorie war de Gewënner :

**Anthologie: Mit den Haien streiten, capybarabooks**

Déi nächst Kategorie, déi ausgezeechend gouf, war d'Kanner- a Jugendbuch. Déi 5 Nominéiert, déi an der Shortlist vum Jury zeréckbehale gi sinn, waren an dëser Kategorie:

- Jhemp Hoscheit/Carlo Schneider: De Schmunzel, Editions Guy Binsfeld
- Christiane Kremer/Vincent Biwer: So mol, Lobo, Editions Kremart
- Sonja Lux-Bintner/Snejana Granatkina: 12 Gutt-Nuecht-Geschichten, Editions Phi
- Beatrice Ruffie Laca/Baptiste Boulanger: La fée Cabossée, Kiwi ELG
- Tuire Siirainen/ Judith Paskin: Wee geeschtert a menger Kichen erëm?, PersPektiv Editons

Gewonnen huet an dëser Kategorie:

**Christiane Kremer/ Vincent Biwer: So mol, Lobo, Edition Kremart**



Déi nächst Kategorie war duerno dann d'Literatur. Déi 5 Nominéiert, déi an der Shortlist vum Jury zeréckbehale gi sinn, waren an dëser Kategorie:

- Gast Groeber: Zweemol schwaarze Kueder, Op der Lay
- Georges Hausemer/Susanne Jaspers: Wir sehen uns in Venedig, capybarabooks
- Tom Reisen: Les Bulles, Hydre
- Jeff Schinker: Sabotage, Hydre
- Lambert Schlechter : Les Parasols de Jaurès, Editions Guy Binsfeld

Gewonnen huet an dëser Kategorie:

**Tom Reisen: Les Bulles, Hydre**

Nodeems d'Präisser an den dräi grousse Kategorien iwwerreecht waren, gouf et awer nach 2 weider Präisser. De



**Coup-de-Cour vum Jury** goung dëst Joer un de Gast Groeber **"Zweemol schwaarze Kueder" (Op der Lay)**. De leschte Präis vum Owend war dann ofschléissend de **Publikumspräis** fir dee kategorieiwwergräifend am Viraus konnt iwwert eng Onlineplattform ofgestëmmt ginn. De Publikumspräis goung um Enn un de **Gast Groeber mat "Zweemol schwaarze Kueder" (Op der Lay)**.

No de Präisiwwerreechunge gouf eng Laudatio vum Parrain vun der jeeweileger Kategorie op dat jeeweilegt Gewënnerbuch geschwat. Domat war dunn och d'Präisiwwerreechung eriwwer an den Owend ass mat engem Walking-Dinner a gudder Ambiance zu Enn gaangen, an d'Gewënner konnte sech mat Recht feiere loossen.



## Vun deemools bis haut: déi visuell Evolutioun vum Auguste Liesch senger „Maus Kätti"

D'Geschicht vun der Maus Kätti sollt nach jidderengem aus senger Kandheet geleefeg sinn. 1936 gouf d'Geschicht, baséierend op dem Äsop senger Fabel iwwer d'Stad- an d'Feldmaus, vum Auguste Liesch déi éischt Kéier als Buch veräffentlecht. Säitdeem ass d'Buch ëfters néi gedréckt ginn, 2019 krut et souguer eng Fortsetzung vun dem Maus Kätti sengen Erliefnisser. Dat ass och de Grond, firwat de Fred Neuen, Filmdirekter a Filmproduzent, eng Virstellung am CAW mécht, an der hien déi ënnerschiddlech Illustratioune vun der Geschicht "Maus Kätti" presentéiert an hir Evolutioun an deene verschiddene Jore prezis erkläert.

Esou ass d'Virstellung net just eng Rees zréck an déi eege Kandheet, mee och d'Méiglechkeet ganz nei Facette vun der berühmtester Lëtzebuergescher Maus kennenzeléieren.



ID 128971388 © Kateryna Buslaieva | Dreamstime.com

## FOTOAUSSTELLUNGEN

Nieft de Schüler vum Lycée Robert-Schuman sinn och Schüler aus eisem Noperlycée, dem Lycée des Arts et Métiers fir d'Bicherdeeg am Asaz. Si hu Portraite vun den Auteuren, déi fir de Lëtzebuerger Buchpräis 2019 nominéiert waren, gemoolt. Dës si vum 13. bis de 17. November 2019 ausgestellt. Et handelt sech ëm expressiv schwaarz-wäiss Fotoen am Kader vun engem Projet, deen den LAM fir d'4. Joer hannertenee virstellt. Den Entrée ass fräi. Dës Ausstellung kënnt dir am klengen Zelt gesinn.

Och d'Ausstellung « D'Buch », organiséiert vun de « Walfer Foto-Frënn », ass vum 13. bis de 17. November 2019 am groussen Zelt ze gesinn. Wéi den Numm et seet, dréit sech hei alles ëm d'Buch. Zu Éier vum 25. Anniversaire vun de Walfer Bicherdeeg, sinn d'Foto-Frënn duerch d'Land an duerch d'Ausland gereest, fir aussergewéinlech Bibliothéiken a Bicherbutteker bildlech festzehalen. Och hei ass den Entrée fräi.

# Lesung der beiden Gastautoren

## Anja Di Bartolomeo



Säit 2017 ass d'Autoreresidenz an der Zësummenaarbecht mat de „Cahiers luxembourgeois" op de Bicherdeeg vertrueden. An dësem Joer ass d'Anja Di Bartolomeo eng vun den zwee Gaaschtauteuren.

D'Anja Di Bartolomeo ass den 9.2.1978 gebuer an ass Duechter vum Sylvie Bintz. Et ass am Lycée Michel Rodange an d'Schoul gaangen an huet duerno Politikwëssenschaft a Geschicht zu Augsburg studéiert. Beruffserfarung huet si schonn a ville Beräicher gemaach. Si war fräiberufflech Mataarbechterin an der Woxx, dem Télécran, dem Tageblatt, dem Kultorismo an dem Das Magazin. D'Anja Di Bartolomeo schreift däitschsproocheg Erzielungen an Romaner (Exit Schattenkopf, 2011, Chamäleons, 2017, Nicht zu spät, 2019)

An hire Geschichten ass heiansdo eng Fra ouni Numm, déi an innere Monologen Abléck an hir ichbezogene Gedankenwelt gëtt. Et trieden oft Eenzelgänger op, déi meeschtens um Rand vun der Gesellschaft liewen. Et ginn Protagonisten mat hiren Schwächen a Stäerkten duergestallt. Si erzielt, firwat a wéi Entscheedungen getraff ginn an esou d'Liewe veränneren. De Faktor Zäit spillt an hirem Wierk eng grouss Roll, well oft d'Fro optaucht, op et fir eng Dot, eng Entschëllegung oder eng Vergeltung net ze fréi oder ze spéit ass.

Dem Anja Di Bartolomeo hiren nach onveröffentlechte Roman „Wundholz" gouf dëst Joer mam 3. Präis vum Concours littéraire national ausgezeechent.

## Jean Back

Der zweite Autor der Autorenresidenz ist dieses Jahr Jean Back, geboren am 5. Dezember 1953. Er ist u. a. Schriftsteller und Fotograf. Er ist in Düdelingen aufgewachsen, wo er später auch langfristig die Leitung des CNA (Centre National de l'Audiovisuel) übernahm.

2003 wurde der Roman „Wollekestol" veröffentlicht, in dem der Autor das Alltagsleben in seiner Heimatstadt, das in den 60er-Jahren von der Stahlindustrie geprägt war, anschaulich beschreibt. Back hat in dieser Erzählung Erinnerungen aus seiner Kindheit mit fiktiven Elementen kombiniert.

Mit derselben Vorgehensweise schilderte er in dem 2010 erschienenen Roman „Amateur" die selbst erlebten Schülerunruhen von 1971. Interessant in diesem Zusammenhang ist die Tatsache, dass dieser Text ursprünglich von einem von Backs Deutsch-Lehrern am Gymnasium, nämlich Gaston Rollinger, als Schülerarbeit in Auftrag gegeben und erst später zu einem vollständigen Roman erweitert wurde. Im Jahr 2012 erhielt Back für „Amateur" den „Literaturpreis der Europäischen Union", und der Roman wurde anschließend sogar in sechs weitere Sprachen übersetzt.

Bis zum heutigen Tag hat der Autor neun literarische Werke in Buchform veröffentlicht.

Jean Back liest am Samstag in Walferdingen seinen für die Novemberausgabe der „Cahiers Luxembourgeois" verfassten Beitrag zum Thema „Wissensträger – Wir feiern das Buch" – das Motto der diesjährigen Auflage der „Bicherdeeg".

**Produzéiert vum Team vun der LRSL „Fënnef vir Zwou" Schülerzeitung:**

| | |
|---|---|
| ARIFOSKA Kjeziban | MAX Julie |
| BECKIUS Julie | PERL Lara |
| CANO Pauline | RAACH Liam |
| DI PAOLI Gianni | REULAND Julia |
| FLAMMANG Lena | SCHMITZ Rochelle |
| GIOIA Heinz | SCHROEDER Anna |
| GRAS Cindy | SCHROEDER Manon |
| KLAASSEN Eline | THIEL Jelena |
| MALOUCHOS Athanasios | WÖMPNER Laure |


